LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 25 mars 2020

**Concerne**: Question parlementaire n° 1946 de Monsieur le Député Sven Clement au sujet des "Études en parallèle à une activité professionnelle proposées par l'Université du Luxembourg ".

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n° 1946 de Monsieur le Député Sven Clement au sujet des "Études en parallèle à une activité professionnelle proposées par l'Université du Luxembourg ".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Claude MEISCH
Ministre de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre

**Äntwert vum Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung op d'parlamentaresch Fro n° 1946 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement iwwert berufsbegleedend Studiegäng op der Universitéit Lëtzebuerg.**

Ech reagéieren op dem honorabelen Deputéierten seng Froe mat dëse Präzisiounen.

De beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschaften op der Universitéit Lëtzebuerg, deen 2017 zesumme mat der Salariatskummer lancéiert gouf fir dräi Cohortë vu Studenten, gëtt 2020/2021 fir ee Joer ausgesat, esou dass d'Organisatioun an de Format vum Programm kënnen iwwerschafft ginn. Vu dass d'Zuel vun de Kandidaten erofgaangen ass, gesäit d'Universitéit Lëtzebuerg vir, de beruffsbegleedende Bachelor an de reguläre Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschaften ze integréieren, woumat déi akademesch Qualitéit vum Deelzäitprogramm op d'laang Dauer garantéiert gëtt. Den Informatioune vun der Universitéit Lëtzebuerg no kënnen d'Kandidate fir de beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschafte sech fir d'Wantersemester 2020/21 an de reguläre Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschafte deelzäit aschreiwen an da fir d'Wantersemester 2021/22 an den neie beruffsbegleedende Bachelor an de Sozial- an Erzéiungswëssenschafte wiesselen.

De beruffsbegleedende Bachelor an den Erzéiungswëssenschaften, deen 2016 lancéiert gouf am Kader vum Ofschafen vum Reliounsunterrecht am Enseignement fondamental, wor vun Ufank un fir dräi Joer konzipéiert ginn. Mam Ofschloss vun der leschter Cohorte gëtt dëse Programm zougemaach.

De beruffsbegleedende Master an der Gérontologie ass een Deelzäitprogramm, dee sech op 8 Semester streckt. De Programm adresséiert sech un eng kleng Zuel vu Kandidaten an dofir ginn d'Aschreiwunge generell nëmmen all zwee Joer op. Déi nächst Kandidaten kënne sech also fir d'Studiejoer 2021/22 aschreiwe.

Fir d'Wantersemester 2020/21 gi ronn 25 beruffsbegleedend Programmer op der Universitéit Lëtzebuerg a verschiddenen Domainer ugebueden, an dat vum Zertifikat iwwert de Bachelor bis hin zum Master. Eng komplett Lëscht kann ënnert dësem Link consultéiert ginn: https://wwwfr.uni.lu/formations/formations_continues. D'Offer entsprécht de Besoine vum soziale Secteur a vun den Entreprisen an Organisatiounen, déi hirem Personal d'Méiglechkeet wëlle ginn, fir sech weiderzebilden. Ofschléissend kann een och bemierken, dass en Deelzäitstudium an de meeschte reguläre Bachelor- a Masterprogrammer vun der Universitéit Lëtzebuerg méiglech ass. Ausserdeem bitt den "University of Luxembourg Competence Center", den Nofolgerinstitut vum IUIL (Institut Universitaire International Luxembourg), eng vaste Palett vu Weiderbildungen um Héichschoulniveau un, an dat am Sënn vun der permanenter Weiderentwécklung vun de Méiglechkeete vum *Lifelong Learning.*